



blem zu Diddeleng, mä dann hätte mer iwwer-all hei am Land e Problem. Ech géif souguer soen: Da besteet eist Land net méi. An da géif et och keng Roll méi spillen, ob d’Radioprotektioun hei an der Stad ass an net zu Diddeleng, well déi géife sech genausou séier duerch d’Bascht maachen, wéi ee vun Diddeleng oder vun Hesper oder vu Fréiseng. Ech soen ëmmer: „Deen Eischten, deen et gewuer gëtt, wann eppes zu Cattenom geschitt, dat ass deen Eischten, dee fortleeft, an déi aner lafen alleguer hannendrun.“

An ech mengen, loosse mer nëmmen hoffen, datt dat eng Kéier zougemaach gëtt an datt bis dohinner näischt geschitt, well mir hunn dat schonn heibanne gesot, an ech mengen, mir sinn eis eens: Wann eng Kéier do eppes geschitt, dann ass dat heiten dat klengst lwwel, well da gëtt et einfach Lëtzebuerg duerno net méi an da stelle sech vill méi grouss Froe wéi déi heiten. Mä, wéi gesot, loosse mer hoffen, datt dat net geschitt!

Dat Eenzezt, wat geännert huet, mengen ech, no der Diskussioun, déi mer an der Comexbu haben - deen Abléck ass de Minister nach vun enger käschtenneutraler Situatioun ausgaangen -, et gëtt elo 6,5 Milliounen méi deier. Mä wann déi Ännerung dat mat sech bréngt, da bréngt se dat nun ebe mat sech. An och dat hätt souwisou missen eng Gesetzesännerung bréngen, well an deem anere Projet jo och de genaue Präis stoung, an dann hätt och souwisou missen eng Rallonge do an d’Gesetz kommen.

Iwwert de Verkéier schwätzen ech net. Mir hu genuch doriwwer geschwat. An ech mengen, mir wëssen alleguer, datt an deem Eck mer de Chaos am Abléck hunn. An och, wann elo déi eng oder déi aner Moossname getraff ginn, déi gutt sinn, wësse mer awer, datt de Verkéier deementspriedend an deem Eck an deenen nächste Jore wäert zouhuelen, datt mer och, trotz alle Moossnamen, iwwert déi nächst Jor-zéngten do am Chaos vum Verkéier hänke wäerte bliewen.

Dat gesot, nach eng Kéier d’Zoustëmmung vun eiser Fraktioun.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Dann huet d’Wuert den Här Nohaltegkeetsminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. Merci der Madamm Rapportrice fir hire gudder Rapport, an och alle Riedner fir hir Bäitrag respektiv der Chamber fir déi unanime Zoustëmmung. Dat erlaabt mer, just vläicht zu e puer Saachen eng Remarque ze maache respektiv op déi zwou, dräi Froen, déi gestallt gi sinn, ze äntwerten.

Fir d’Éischt wollt ech emol der Madamm Andrich soen, datt ech dat awer relativ speziell fonnt hunn, datt se hei quasi uprangert, datt de Minister ëmmerhin dräi Méint gebraucht hätt, fir e Gesetzesprojet hei ze déposéieren, nodeem en dann am Dezember an der Comexbu gesot kritt hätt, datt e Gesetz misst gemaach ginn.

Bon, éischstens emol wëll ech soen, mir maache jo déi Gesetzer hei - dat si jo Finanzéierungsgesetzer - op APD-Niveau. A wann ech gesot kréien am Dezember vun der Chamber - duerfir war ech bei d’Chamber komm, fir ze froen, ob ech iwverhaapt emol misst e Gesetz maachen -, datt ech e Gesetz muss maachen, dann ass et awer vläicht ubruucht, datt dat Gesetz, deen APD uerdentlech gemaach gëtt.

A wéi den Här Gibéryen dat och ënnerstrach huet, war et gutt, datt mer dat esou gemaach hunn, well et huet sech erausgestallt, datt de Projet sechs Milliounen méi deier gëtt, wéi ursprénglech virgesi war. An dat rëselt een net - vu datt genau Analyse muss gemaach ginn iwver komplex a komplizéiert Programmer; et geet hei ëm eng Biobank, et ass net iergendepes, wat mer do installéieren - esou einfach an engem Dag op den Dësch an et déposéiert een et hei.

Bon, ech loosse awer jiddwerengem zur Ap-préciatioun, ob en do dräi Méint laang fënn et net laang fënn. Ech fannen, datt meng Verwaltung do extrem schnell geschafft huet.

Dat Zweet, wat ech wollt soen, dat ass, datt ech awer wierklech iwwerrascht sinn iwwert der Madamm Andrich hir zweet Remarque, wa se hei eropkënnst a schwätzt vum Verkéiersproblem, an da bal mécht, wéi wann elo de Fait, datt mer d’Radioprotektioun ersat hätten duerch d’Biobank, zum absolutten, definitive Super-GAU a Chaos géif féieren.

Den Här Gibéryen huet zu Recht drop higewisen: Et geet hei ëm 43 Leit. Dat heescht, ëm à peu près den Equivalent, wat souwisou virdru virgesi war. Also, sorry, et kann een elo net be-

haapten, datt duerch de Fait, datt dee Switch do gemaach ginn ass, datt dat iergendeppes ännert un der Situatioun um Verkéier!

Datt de Verkéier net gutt do ass an deem Eck, dat ass richtig. Mä ech wëll lech awer do soen: Ech sinn elo ganz genau zwee Joer an néng Méint do, ech hu scho relativ vill gemaach, ech wäert och nach relativ vill maachen. An déi Etüd, effektiv, déi mäi Virgänger lancéiert huet, déi ech weidergefouert hunn, déi mer och elo an Tëschenzäit de Gemenge virgestallt hunn, déi huet e Programm virgesi vu bal 600 Milliounen zousätzlechen Investissementer fir d’Verkéiersproblematik do am Eck. Mä Roum gouf och net an engem Dag gebaut. An nach muss mer dat alles bauen a realiséieren a finanzéieren.

A fir déi Problemer, déi haut do bestinn, kënnst Der op alle Fall net dës Regierung responsabel maachen! Dat ass awer emol ganz sécher. Mir probéieren, eist Beschte ze maachen, fir all déi Problemer esou séier wéi méiglech geléist ze kréien. An ech ginn och dovun aus, datt Der dat jo eigentlech och wësst, well Dir waart jo op deene Versammlungen do, wéi ech bei de Bierger war, wou d’Säll gutt geféllt waren, wou ech dee ganze Programm virgestallt hunn.

An och zu deenen Opfaarte wëll ech lech soen: Eng Opfaart gëtt et. Déi zweet - dat wësst Der eigentlech och, well Der jo an där Versammlung waart, sou ass dat am Detail erkläert gi vun der Stroossebauverwaltung -, déi zweet ass aus Stroossesécherheets- an technesche Grënn net machbar. Dat wëllt awer net heeschen, datt mer net weider Iwwerleeungen ustellen, fir ze kucken, ob mer net awer nach iergendwéi anescht dann eng zweet hikréien. Dat hunn ech och deemools gesot, a meng Verwaltung och. Mä déi, déi d’Leit all do gär hätten, déi geet einfach net, aus sécherheetstechnesche Grënn geet déi net.

An och do kann een net zauberen. Da kann een dat och nach honnertmol fuerderen, datt een déi awer gär hätt. Mä ech mengen, wa se net geet, da geet se net. An da muss mer ons eppes anescht afale loosse. An dat wäerte mer awer maachen, dat hunn ech och versprochen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Da wollt ech awer och dem Här Graas Merci soe fir déi Fro iwwert déi berühmte Beem un der N31,...

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- ...soudatt ech emol endlech och d’Chance kréien, eppes dozou ze soen.

► **Une voix**.- Sot eis, wien dann d’Häerzer ewechgeholl huet!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dat soen ech lech och nach hannendrun. Oder ech soen lech op alle Fall, wien et net war, näamlech ech!

(Hilarité)

Also fir d’Éischt emol zu de Beem. Ech sinn erstaunt gewiescht iwwert déi Aktioun vun der Biergerinitiativ, déi elo gemaach ginn ass, well d’Biergerinitiativ war näamlech dräi Woche virdru bei mir am Ministère. An heiansdo freet ee sech, firwat een d’Leit empfängt! An do hunn ech der Biergerinitiativ gesot: „Jo, dat, wat Der do sot, dat ass net esou.“

Effektiv ass zwar an deem Verkéierskonzept, wat mer zu Diddeleng an zu Beetebuerg virgestallt hunn, och d’Erweiderung vun der N31 op där Plaz virgesinn. Mä dat ass e Projet, deen ass éischstens emol à long terme gewiescht. Et gëtt nach iwverhaapt keng Detailer zu deem Projet. Et gëtt emol nach näischt um Pabeier, seriö Gëzechentes. An ech hunn hinnen och gesot: „Vu mir aus gesinn ass och net elo déi grouss Demande do, fir direkt do ze verbreederen.“ Et gëtt e Problem lokal selwer, well do Diddeleng eng Aktivitéitszon huet. An d’Fro, déi sech stellt: Packt se de Verkéier op der N31 oder net, wa mer déi Strooss erweideren oder net? Mä et ass nach iwverhaapt näischt décidéiert.

Duerfir sinn ech dann awer erstaunt, wann dann zwou Wochen duerno an der Effentlechkeet dat duergestallt gëtt, wéi wann d’Motorsee scho quasi hannert der Heck stéing, fir d’Beem ewechzemaachen, wat einfach net richtig ass. An zemoos, wann ee beim Minister war zwou Woche virdrun, fannen ech dat net grad korrekt, fir dat esou duerzestellen.

Ech hu perséinlech guer näischt géint déi Häerzer, déi hätte wéinst menger och nach kënne schéin do hänken. Ech hu se och net ewechgeholl. Ech weess och net, wie se ewechgeholl huet.

(Interruption)

Mä ech mengen awer, datt, éierlech gesot, mer dat Thema domadder ofgehaakt hunn. An déi puer Beem, déi elo ewechkommen, dat hunn

ech deemools och gesot der Biireng21, déi komme wéinst dem Échangeur ewech. Déi waren awer décidéiert. An do gëtt et Autorisatiounen vun der Administration de l’Environnement. Déi ware laang geneemegt. Dat sinn och keng 20 oder 25. Wivill ass gesot ginn? Ech mengen, et sinn der siwen oder aacht, déi mussen ewechgeholl ginn. Dat ass wéinst dem Échangeur. Mä et huet näischt mam Rescht vun der N31 ze dinn hannendrun.

An dann zu där anerer Fro nach vum Här Graas, wat do an d’Ofwässer géif kommen. Dat gëtt a Kanistère gesammelt an extra entsuergt. Also do brauch ee sech also keng Suergen ze maachen.

Fir de Rescht, Merci, Här President, fir déi breet Zoustëmmung.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Minister.

An ech mengen, dass mer dann direkt kënnen zur Ofstëmmung iwvergoen iwwert de Projet de loi 6959.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 6959 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmung fänkt elo direkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d’Procuratiounen. An d’Ofstëmmung ass elo eriwuer: 60-mol Jo, also Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Félix Eischen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d’Chamber d’accord, fir d’Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen vum nächste Punkt vun eiseem Ordre du jour iwvergoen. Dat ass de Projet de loi 6998 iwwert de Bau vun der éischter Phas vun der neier N3. An d’Wuert huet d’Rapportrice, d’Madamm Josée Lorsché.

8. 6998 - Projet de loi relatif à la réalisation de la phase 1 de la route Nouvelle N3 entre la Gare centrale et le Pôle d’échange Bonnevoie

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Wéi kéint et anescht sinn?!

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, beim Projet de loi 6998 handelt et sech ëm e Finanzéierungsgesetz, wat de Bau vun der éischter Phas vun der neier N3 soll erlaben. Dës Strooss spillt eng wichteg Roll beim Opbau vun engem kohärenten an nohaltege Verkéierskonzept an der Stad Lëtzebuerg a ronderëm an ass scho säit Joren am Gespréich.

Konkret geet et bei der éischter Phas vun där N3, och Module Nord genannt, ëm de Bau vun der Verbindung tëschent der Stater Gare an dem zukünftege Pôle d’échange vu Bouneweg. Dat ass dee Pôle d’échange, deen a Proximitéit vum Lycée technique vu Bouneweg wäert entstoan a wou spéitstens am Joer 2019 den Tram wäert fueren.

Zum geplangte Stroossenofschneitt gehéieren dowéinst net nëmme just déi classesch Spure fir den Auto an de Bus, mä och d’Assise fir den Tram an déi néideg Foussgänger- a Vëlosweeër, déi mëttlerweil néierens méi vergiess ginn.

D’Vëlosweeër entstinn zu engem groussen Deel en site propre a garantéieren domat déi

Sécherheet, déi wichteg ass, fir datt méi Leit iwverhaapt emol de Courage hunn, op de Vëlo ze klammen, a fir d’Mobilité douce schlussendlech am Beruffsverkéier ze verankeren. Dat ass wichteg.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Wat gëtt mat dësem Gesetz finanzéiert? Finanzéiert gëtt net nëmmen de Bau vun der Strooss mat allem, wat dozou gehéiert a wat ech opgezielt hunn, finanzéiert gëtt och déi komplett Renovatioun vun der Bréck Jean-Pierre Büchler, déi d’Gare mam Quartier Bouneweg verbënnt. Grad wéi d’Strooss gëtt och d’Bréck mat der Assise vum Tram versinn. Dierneft kënnst op d’Bréck och e gemëschte Foussgänger- a Vëloswee.

Zougang zu der Bréck kréien d’Foussgänger an d’Vëlosfuerer iwver eng zirkulär Ramp mat, an der Mëtt, engem Lift fir Persounen mat ageschränkter Mobilitéit.

E weidert Element, wat mat dësem Projet de loi finanzéiert gëtt, ass den Émbau vum Rond-point Glück. Fir de Flux vum Trafic op där Plaz ze verbessern, gëtt de Rond-point zu enger Kräizung mat roud Luuchten ëmgebaut, wat eng besser Steuerung vum Trafic wäert erlaben.

Derbäi kënnst op darselwechter Plaz en ënnerierdesche Bypass, deen d’Rocade vu Bouneweg mat den Autobunnen a Richtung Frankräich an Däitschland verbënnt, an dierneft och d’Renaturéierung vun der Drosbaach.

D’Kreditter, déi fir all dës Aarbechten zur Verfügung gestallt ginn, leie bei insgesamt 106 Milliounen an 21.000 Euro. Vun deene Milliounen flësse 75,8 Milliounen an de Bau vum Stroossontronçon tëschent der Bréck Jean-Pierre Büchler an dem Rangwee zu Bouneweg. 30,213 Milliounen si virgesi fir de Bau vum Bypass Glück an zousätzlech nach 1,2 Milliounen fir den Déplacement vun de Réseauen, dee jo ëmmer dozou gehéiert.

Well d’Strooss op engem Terrain gebaut gëtt, dee momentan vun alen CFL-Halen an anere vétusté Gebailechkeete besat ass, stellt dëse Projet ekologesch gesi kee Problem duer. En erlaabt villméi, datt d’Route de Thionville an enger spéiderer Etapp kann ëmgebaut gi respektiv zrëckgebaut, wat den Awunner vum Quartier wäert zeguttkommen.

Och wat d’Emprise ugeet, stellt sech bei dësem Projet kee Problem. Den Terrain, dee gebraucht gëtt, ass zum gréissten Deel am Besëtz vum Stat, am Besëtz vun den CFL oder am Besëtz vun der Stad Lëtzebuerg. Just 32 Ar vun insgesamt 4,13 Hektar sinn a Privatbesëtz a stellen, laut den Aussoe vun de Responsabelen, keng weider Schwierigkeet duer.

Wat d’Zäitschinn ugeet, esou soll dës éischt Phas vun der N3 schonn Enn 2017 fäerdeggestallt sinn. Duerno geet et weider mat der zweeter Phas, déi um Rangwee ufänkt an iwwert d’Rue des Scillas weidergeet op de Pôle d’échange Houwald. An och do wäert den Tram integréiert ginn.

Eng lescht Etapp ass dann d’Phas 3, mam Bau vum Contournement vun Alzeng an Hesper, wou ech géif mengen, datt de Buergermeeschter vun Hesper mat Schmärerzen drop waart.

► **Une voix**.- An de Conseiller vun Hesper och!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapportrice*.- An de Conseiller vun Hesper och, an d’Leit vun Hesper och.

(Brouhaha et interruption par la présidence)

An d’Awunner vun Hesper ganz besonnenesch.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Net nëmmen déi Hesper!

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Madamm Lorsché, loosst lech net duerjernee maachen!

(Interruptions)

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapportrice*.- An déi Alzenger...

Ech loosse mech net beiren!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Allez, e bëssen Disziplin, wann ech gelift!

(Brouhaha général)

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapportrice*.- An d’Stater och.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Dir kritt jo alleguerten d’Wuert duerno. Da loosst d’Madamm Lorsché elo schwätzen!



► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Ech fannen dat do awer léif.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Wann Der wéilt virufueren, wann ech gelift!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Fir datt all dës Aarbechten ënner gudder Konditioun kënne stattfannen,...

(Brouhaha et interruption par la présidence)

...gi si iwwert dës Projet de loi als Utilité publique deklaréiert. Domat kritt de Stat d'Recht op Expropriation, fir de Fall, wou e Propriétaire vun engem Terrain de Projet wéilt blockéieren - Stéchuert Échangeur Helleng.

Dernieft gëtt d'Rue des Scillas um Hesper Territoire vun enger kommunaler zu enger nationaler Strooss ëmklasséiert. Dëst erlaabt, dës Strooss als Haaptkommunikatiounswee unzegesinn an ze geréieren, wat eigentlech dann där Strooss eng Prioritéit ka ginn.

Ech kommen dann zum Oflaf vun den Aarbechten an der Kommissioun. Nodeems den Nohaltegkeetsminister François Bausch dës Projet de loi den 30. Mee 2016 déposéiert hat, huet d'Kommissioun sech an de Sëtzunge vum 9. Juni a vum 16. Juni 2016 domat befaasst. An deem Kontext hunn d'Membere vun der Kommissioun eng Rei Froen opgeworf, notament um Niveau vum Aménagement vum Bypass Gluck, vum Ausbau vum de Parkplaze ronderëm d'Stad Lëtzebuerg, der Zäitschinn vun der nächste Phase vum Gesamtprojet an och generell a puncto Wuesstum.

An der Kommissioun ass an deem Kontext betount ginn, datt den effentlechen Transport an d'Mobilitéé douce an den nächste Jore mindestens 40% vum de Gesamtbewegungen an der Stad mussen ausmaachen, fir datt d'Mobilitéé an deem Raum kann iwwerliewen an net komplett kollabéiert.

Madamm Presidentin, an der Sëtzung vum 21. Juni 2016 huet d'Kommissioun mä Rapport eestëmmeg ugeholl. Dat heescht, datt mir dës Projet op den Dag genoe ee Mount no sengem Dépôt kënne stëmmen.

Ofschléissend wéll ech dem Här René Biwer vu Ponts et Chaussées an dem Här Romain Spaas vun der Administration des Travaux publics (veuillez lire: Département des Travaux publics) Merci soe fir hir ausféierlech Duerstellungen an der Kommissioun, grad och wéi der Mathélef vun eiser Sekretärin, der Madamm Rachel Moris.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, well déi nei N3 e wichtegt Puzzlestéck duerstellt an engem gutt duerchduechte Mobilitééskonzept, ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soenlech nach eng Kéier Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci der Madamm Lorsché fir hiren ausféierleche Rapport. Als éischte Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Marc Lies. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Marc Lies** (CSV).- Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt virop der Rapportrice, der Madamm Lorsché, gär Merci soe fir hire gudden an ausféierleche Rapport zu dësem Projet de loi.

Wéi si scho gesot huet respektiv och schonn duergestallt huet: Wat ass déi nei N3 a wou kënnt se hin? Dat ass sécherlech eng Fro, déi sech esou munchereen heibanne wäert stellen. Déi nei N3 setzt sech aus dräi verschiddenen Deelstécker zesummen: dem Module Nord, wat dësem Projet de loi 6998 entsprécht, no dem Nord-Module kommen awer nach dat zentraalt an dat südlecht Deelstéck hannendrun. Nëmme wann déi dräi Moduller bis fäerdeggestallt sinn, huet déi nei N3 hir komplett Funktioun. Dat zentraalt Deelstéck ass den Ëm- an Ausbau vum der Rue des Scillas an der Z.A.C. Howald.

Dat südlecht Deelstéck ass de sougenannte Contournement d'Alzingen oder Contournement de la Commune de Hesperange.

Duerch dës Aarbechte kann déi jëtzege N3, d'Route de Thionville, déi vun den Alzenger Koppe bis op d'Gare centrale féiert, an Zukunft zrëckgebaut ginn. An doduerch kann d'Liewensqualitéit vun de Leit, déi längs vun der Route de Thionville wunnen, sécherlech och verbessert ginn.

Den Ursprung vun där neier N3 fousst op den Iwwerleungen, déi viru ronn zéng Joer gemaach gi sinn, wéi ugefaange ginn ass, sech intensiv Gedanken iwwert den Aménagement

vum Ban de Gasperich ze maachen a wéi den Trafic an Zukunft an a ronderëm dëst neit Entwécklungsgebitt drainéiert ka ginn.

Fir d'Verkéiersstréim besser kënnen ze kanaliséieren, ass de Bau vun engem Contournement ronderëm d'Gemeng Hesper een absolutte Must. Schonn an de 60er Joren huet den deemolege Bauten- a Verkéiersminister Albert Bousser - hie wor virun och knapps ee Joer Buergermeeschter vun der Gemeng Hesper - vu genau dësem Contournement ronderëm d'Gemeng Hesper geschwat. Wat fir e Visionär wor dach dës Mann!

An de Joren 2007, 2008...

(Interruption)

...ass de Contournement Hesper oder d'Alzingen an de Plan sectoriel «Transports» ageschriwwen ginn. Eng sëllegen Etüde sinn zanterhier gemaach gi mat dem Constat, datt eng komplett nei Strooss vun den Alzenger Koppe bis op d'Gare centrale déi beschte Solutioun wier.

Net nëmmen op den Individualverkéier gouf sech bei dësen Etüde fokusséiert. Mat dem MoDu-Konzept, wat vum deemolegen Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler am Abrëll 2012 der Effentlechkeet presentéiert gouf, sinn och den effentlechen Transport an d'Mobilitéé douce matanalyséiert a considéiert ginn.

De Ban de Gasperich an d'Z.A.C. Howald sinn ee risegt Entwécklungsgebitt. Ee gudden Deel heivun ass momentan och schon am Bau. Ech hat d'lescht Woch d'Chance, bei der Pose de la première pierre vun Deloitte Touche derbäi ze sinn.

Mam Accès iwwert den neie Boulevard de Kockelscheuer konnt ee schonn eranen, wat an deenen nächste Joren alles hei entstoe wäert. Den neie Lycée Vauban mat ronn 2.000 Schüler ass am Bau. Niewendru kënnt den neie CNIS. Den Auchan mat ronn 100.000 Meter carré Geschäftsfläch, Deloitte mat engem Gebai vu 16 Etagen, 125.000 Meter carré Wunnfläch sinn zurzäit déi gréisste Chantieren. An anerer wäerten an deenen nächste Joren nach nokommen.

Ech brauch kengem heibannen ze soen, wat dat heescht a welch Verkéiersstréim an den nächste Joren hei musse kanaliséiert ginn. Et ass dee richtige Wee, datt an dësem Ballungsgebitt versicht gëtt, op en „modal split“ vu 40/60 ze goen.

Och wann dat ee ganz wäite Wee ass, fir d'Leit op aner nei Transportmëttelen ze kréien: Mir müssen hei awer d'Grondastellung änneren, vum Auto fort, an do, wou et méiglech ass, op den effentlechen Transport, d'Mobilitéé douce, Carsharing an nach aner Outilen ëmklammen.

An dësen Entwécklungsgebitter muss sech déi lokal Politik, wann et ëm d'Baupolitik geet, awer och konsequent sinn. De Schlëssel, wat de Parkraum ugeet, muss deementspreechend ugepasst ginn. Mat engem konsequente Parkraummanagement kann een d'Zil vun dësem ambitiösen „modal split“ errechen.

Ech wéilt awer och een Appell un déi lokal Politik maachen, notament un déi Gemengen, déi an der DICI-Konventioun sinn - d'Stad Lëtzebuerg, Stroossen, Bartreng, Leideleng an Hesper -, fir verstärkt an zesummen en enger gemeinsamer Mobilitééspolitik ze schaffen.

Enn 2017 kënnt de Kontrakt vum vel'oh!-System vun der Stad Lëtzebuerg op en Enn. Hei besteet d'Chance, ab dësem Moment op de Gebidder vun dëse fënnf Gemengen, an awer och iwwert d'Gebidder vun anere Gemenge ronderëm d'Stad eraus, ee gemeinsam Mobilitééskonzept op d'Been ze stellen. Mat der Locatioun vu Véloen, E-Biken, Carsharing oder der Mise en place vun transversale Buslinne ka villes zesumme gemaach ginn an esou ee kohärent a konsequent Verkéierskonzept erstallt ginn.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, wéi virdu scho gesot, ass de Projet de loi 6998, also de Module Nord vun där neier N3 tëschent der Gare centrale an dem Pôle d'échange Bouneweg, dat éischt Deelstéck vun dëser neier Infrastruktur.

Wann een de Projet d'ensemble kuckt, esou gesäit een, datt nach eng sëllegen Etappen hannert dësem éischten Tronçon komme wäerten. Mat dem Ëm- an Ausbau vum Pont Büchler kënnt d'Ingenieurskonscht voll a ganz zum Droen. Dës Bréck muss wesentlech ausgebaut ginn, well verstärkt op déi douce Mobilitéé gesat gëtt an awer haaptsächlech, well den Tram an Zukunft iwwert dës Streck bis op Bouneweg, den Houwald, duerno mat Terminus beim neie Stadion op der Cloche d'Or fuere wäert.

Et stellt ee bei dësem Projet fest, datt den Individualverkéier méi schnell aus der Stad erausdrainéiert soll ginn, wéi datt een e eraféiert. Aus dësem Grond gëtt dann och am Rond-

point Gluck den „fly under“ oder Bypass ënnert dem Gluck gebaut. Aus deemselwechte Grond muss dann awer och déi komplett nei N3 bis op d'Alzenger Koppe gebaut ginn.

Wichtig bei dëse Moosnamen ass awer, datt an Zukunft de Fonctionnement vun den Ampelanlagen iwwert d'Gemegegrenzen eraus harmoniséiert muss ginn. De Pôle d'échange Tram/Bus zu Bouneweg, hannert der Rue d'Ivoix a Richtung vun der Rue d'Orchimont, kritt eng vital Funktioun, notament fir de Lycée technique de Bonnevoie, awer och fir déi Leit am ënneschten Deel vum Quartier Houwald an déi Leit, déi an der Route de Thionville a ronderëm d'Rue du Cimetière zu Bouneweg wunnen.

Ech wéilt de Minister invitéieren, fir vun dësem Pôle d'échange aus an der Rue de Neufchâteau laanscht d'BMW's-Garage een adequate Fousswee an ee performanten Iwwergang fir d'Schüler an all d'Passanten iwwert d'Route de Thionville a Richtung vun der Rue du Cimetière, also dem Lycée technique de Bonnevoie ze assuréieren.

Eng manner erfreelech Inzidenz vun dësem Pôle d'échange ass awer déi, datt all Persoun, déi mat engem RGTR-Bus aus südlecher Richtung kënnt, à part vun den Eurobussen, hei muss erausklammen an op den Tram ëmklammen. Mat der Taktéierung vum Tram ginn dës Waardezäiten nom Ëmklammen awer op ee Minimum reduzéiert.

Här Minister, aus de Pläng geet net kloer ervir, ob hei genügend Méiglechkeete fir d'Passagéier entstinn, wou si sech bei schlechtem Wieder kënnen ënnerdaach stellen an ob hei eventuell och e kleng Kiosk virgesinn ass.

Déi nei Strooss soll hannert dem Sichel a Richtung vum Rangwee um Houwald verlafen. Am Projet de loi, ënnert dem Punkt 5, steet, datt de Chemin vicinal, Rue des Scillas, an eng Nationalstrooss ëmklasséiert soll ginn. Ze wëssen ass, datt dës Jonctioun tëschent dem Rangwee an der Rue des Scillas ee richtegt Nadelöhr ass, an datt d'Tunnelverbindung mat dem Rond-point Gluck zurzäit richteg geféierlech ass.

Ënnert dem Punkt 1 vum Gesetz steet, datt de Rond-point Gluck zu engem Carrefour an engem Bypass ënnert dem Gluck ëmgebaut soll ginn. Meng Fro un de Minister, well et sech hei ëm ee wichtegt Dréikräiz handelt: Ginn dës Aarbechte vum Bypass an Ëmbau am Rond-point Gluck simultan ausgefouert?

Am Kader vum Projet d'ensemble soll och nach eng zweet Verbindung iwwer een Tunnel tëschent dem Houwald an dem Gluck gebaut ginn. Beim Bau vun dësem zweeten Tube muss och onbedéngt op d'Verkéierssicherheit opgepasst ginn. Uecht doe soll een och, datt d'Mobilitéé douce hei hir Plaz féint.

Ech weess, Här Minister, ech sinn elo schonn eng Etapp méi wäit. Kéint Dir eis awer vläicht nach approximativ soen, fir wéini mat der Mise en œuvre vun dësen Aarbechte plus ou moins ze rechnen ass. Well déi Houwalder Leit vill Froen hunn, wéi et am Beräich vun dem Rangwee an der Rue des Scillas virugeet, géif ech lech bieden, de Leit aus dem Rangwee, der Rue Eugène Welter an der Rue Auguste Scholer dee leschte Wëssensstand, wat d'Emprispläng ugeet, ze ginn.

Ech weess, hei si schonn Informatiounen ausgetosch ginn, wat déi zukünfteg Tramstreck ugeet. Aus Transparenzgrënn ass et awer wichtig, d'Leit esou gutt ewéi méiglech informéiert ze halen.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, dës Projet de loi fousst op dem Mobilitééskonzept MoDu 2020 an ass e Meilesteen an der Weiterentwicklung an dem Ausbau vun de Verkéiersinfrastrukturen an a ronderëm de Südweste vun der Stad.

Et bleift sécherlech nach u ville Stellschrauwen ze dréien, bis datt dëst Konzept funktionéiert. De richtige Wee ass heimat awer ageschloe ginn, andeems engem gudder Mix vun effentlechem Transport, Mobilitéé douce, Stroossebau an awer och dem Bau vun neie Parkméiglechkeete Rechnung gedroe ginn ass.

Dëst Deelstéck, iwwert dat mir haut hei ofstëmmen, ass, wat reng de Stroossebau hannert dem Pont Büchler ugeet, sécherlech dat einfachst Deelstéck bei der Realisatioun. Den Ëm- an den Ausbau vun der Rue des Scillas, och wat d'Propriétéitsverhältnisser ugeet, gëtt sécherlech méi schwierig.

Beim südleche Stéck vun der neier N3, dem Contournement de Hesperange, ass den Impakt op d'Natur vill méi grouss, och well déi nei Strooss deelweis duerch Natura 2000-Gebitt féiere soll. Et ass awer vital, an och wat d'Liewensqualitéit vun den Awunner aus der Gemeng ugeet, datt dës Strooss schnellstméiglech realiséiert gëtt.

Zum Schluss wéilt ech de Minister froen, ob d'Consultation publique iwwert dës Contournement nach dëst Joer an d'Prozedur wäert goen.

Ech wéll awer net mëssen, dem Minister Bausch, deem fréieren Transportminister Claude Wiseler an deem ganze Ministère Merci ze soe fir dës wegweisende Projet. Merci och den Här Biwer a Fox vun de Ponts et Chaussées an awer och deene jeeweilegen Ingenieurbüroen, déi mat vill Wäitsicht un dësem Projet geschafft hunn.

Ech soen lech Merci fir Äert Nolauschteren a ginn heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Lies. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, e grouse Merci un d'Rapportrice fir hire gudder mëndlechen an ausféierleche schrëftleche Rapport.

Mir stëmmen haut iwwer eng éischt Etapp vun enger ganzer Rei vu grouse Bauprojeten of, déi, alleguer zesummen, d'Mobilitéé bei eis zu Lëtzebuerg, hei am Land verbessere wäerten.

Ee Kärstéck vun deem ganze Mobilitééskonzept ass natierlech den Tram an der Stad. An dëst Gesetz erlaabt et, do de Bauofschneit tëschent der Stater Gare an dem Pôle d'échange Bouneweg ze finanzéieren.

Mam Dépôt vun dësem Projet de loi goufen och déi Etappen, déi spéider eng Kéier nokomme wäerten, matpresentéiert, soudass mer an der Kommissioun eis ee Bild konnte maache vun deem ganzen, globale Kontext, an dee sech dës Projet aschreift. An dat ass och ganz wichtig gewiescht.

Meng Fraktioun begreist et, dass den Tram elo endlech ëmgesat gëtt, an ënnerstëtzt deemno dës Projet de loi.

Et geet hei awer net nëmmen ëm den Tram, mä et geet och ëm eng Verbesserung vun der Stroosseverkéiersféierung vun enger vun den Haaptfaallstroosse fir an d'Stad eran.

Den Ëmbau vum Rond-point Gluck, eng Klammer op - et ass „Gluck“ an et ass net „Glück“, et ass näamlech de Christoph Willibald Gluck, en däitsche Komponist aus dem 18. Jorhonnert, Mëtt 18. Jorhonnert, no deem e benannt ass -, d'Klammer erëm zou, also deen Ëmbau, deen dierft hei eng wesentlech Erliichterung bréngen, net zulescht duerch déi direkt Ubannung un den Autobunnsréseau.

Erlaabt mer awer, e klengt Bedauern auszeschwätzen, dass dësen direkten Accès nëmme virgesinn ass fir den Trafic, deen aus der Stad erauskënnt an net eng direkt Verbindung hiergestallt gëtt fir deen Trafic, deen an d'Stad erageet. Mir kennen alleguer d'Argumenter, dass ee méi Verkéier unzitt, wat ee méi Stroosse schaaft. Mä ëmgedrëit muss een awer och zouginn, dass eis Transportcapacitéiten, déi haut total iwwerlaascht sinn, net automatesch dozou gefouert hunn, dass d'Leit elo den Auto stoe loossen.

Mir striewen ee 25/75- voire 40/60-Mobilitééskonzept un. Dann hu mer awer nach ëmmer 60% oder 75% Individualtransport oder Individualverkéier, soudass mer mengen, dass do eng Ubannung direkt vun der Autobunn eran an d'Stad och mat Sécherheet hire positiven Effekt gehat hätt. Dat wär jo och keng nei Strooss u sech, déi mer hei gebaut hätten, mä et wär eng Verbesserung vun enger besteeënder Situatioun.

Dat empëchéiert eis awer net, dës Projet ze stëmmen!

Dass d'Leit den Auto stoe loossen, dat erreche mer nëmmen, wann et méi ëmweltfrëndlech Alternative gëtt, déi attraktiv sinn. An och do stousse mer un d'Limite vun eise Capacitéiten. Wann näamlech haut alleguer déi Leit, déi mam Auto fueren, géife wëllen den Zuch oder de Bus huelen, dann hätte mer e seriöse Problem, well mer d'Capacitéiten einfach net hunn.

Mir hoffen awer, dass mer, wa mer den Tram bis hunn, do e wichtige Bäitrag zu der Léisung vum Problem wäerte bäidroen kënnen.

Dat wäert awer just a Kombinatioun mat engem Ausbau vun aneren Offerten am effentlechen Transport fonctionnéieren. Net zulescht wäert d'Attraktivitéit vum effentlechen Transport dovun ofhänken, wéi gutt dass d'Zesummespill tëschent Bus an Tram herno fonctionéiert. De Bus soll iwwerall do, wou et méiglech ass, Prioritéit kréien op den Individualverkéier. Gläichzäitig muss den Undeel vun der Mobilitéé douce am Verkéiersopkommen erhéicht ginn.



An d'LSAP begréisst et dofir ganz staark, dass de Projet, deen hei verläit, dem Vëlo och genuch Plaz gëtt an en duerchgeeënde gesécherte Vëloswee virgesäit. An ech si gëschter Moie mam Vëlo an d'Stad komm a si gëschter Owend mam Vëlo zrëckgefuert. An ech kann lech soen, dass dat net evident ass, fir sech hei duerch d'Stad ze bewegen. Duerfir ass dat hei ëmsou méi ze begrëssen. An den Här Krieps kann dat confirméieren, dass ech mam Vëlo ënnerwee war.

Insgesamt stellt dëse Projet jo och e wichtege Schratt am Wee zu méi enger performanter Transportinfrastruktur duer. An ech ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun fir dëse wichtege Projet.

Merci fir d'Nolauschteren.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Engel. An d'Wuert huet elo den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass näischt Neies, wann ee behaupt, datt mer e ganz rasante Wuesstum an dësem Land hunn. Et sinn och e puer Zuelen, déi dat ganz däitlech kënnen ënnersträichen. 2003 waren et zum Beispill all Dag 105.000 Leit, déi aus de Grenzregiounen an eist Land schaffe komm sinn. Enn 2015 louch dës Zuel scho bei 174.300, Tendenz steigend. A bis 2030 sollen et der souguer iwwer 200.000 sinn.

Wéi rasant eist Land sech och an deene leschte Jorzéngten entwéckelt huet, dat bewiesen och fréier Prognosen, déi awer gréisstendeels ëmmer falsch waren. Zum Beispill d'LuxTraffic-Etüd hat am Joer 1994 an hirer Prognos fir d'Joer 2020 mat enger Awunnerzuel vu 553.000 gerechent. Op den 31. Dezember 2015 ware mer awer schonn zu 576.200. Dës Entwécklung verlaangt natierlech eng Rei vun Orientatiounen, wéi ee sech soll an Zukunft genee dann och deenen Erausfuederunge stellen, dat virun allem um Niveau vum Verkéier. Ech mengen, et brauch een net méi op d'Problemer anzegoen, déi sinn alleguer gutt bekannt.

De Verkéier huet, och dat ass näischt Neies, e ganz groussen Impact op d'Wuelbefanne vun deem Eenzelnen, vun de Bierger. An et ass also wichteg, datt do mat engem Konzept reagéiert an och gehandelt gëtt.

Ech mengen, dee mannste Virwurf, deen een dëser Regierung ka maachen, dat ass deen, datt se net direkt u sech där Problematik hei entgéintgetruede wier an net scho ganz vill Initiativen an d'Wee geleet hätt.

Ech wëll nëmmen un déi vill, un déi sëllegen Eisebnussprojeten hei erënnere. An natierlech virun allem awer och e gréisser Projet, deen och mat Schinnen ze dinn huet, den Tram, ass e bëssen den Haaptprojet, dee mer an deene leschte Méint hei gestëmmt hunn.

Ech gi ganz gären zou, datt meng Partei viru Jore méi reservéiert war vis-à-vis vum Projet Tram. Mä wien eis Positioun méi genee de leschte 4. Juni 2014 nogelauschtert huet, spéitstens du krut e jo de Bewäis, datt d'Demokratesch Partei haut awer kloer hannernt dem Projet Tram steet a mer och iwwerzeegt sinn, datt dat wäert zu enger Verbesserung vun der Verkéiersproblematik, net nëmmen um Niveau vun der Stad Lëtzebuerg, bäidroen. Well et därerf een net vergiessen, och dat gesäit een all Dag, datt souguer de Bus-Trafic och lues a lues u seng Grenze kënn. Wann een déi eenzel Cursorsen all Dag gesäit, dann ass dat jiddefalls e gutt Beispill.

Ech wäert mech a menger Interventioun hei duerfir méi spezifesch mam Volet Tram ofginn. Kuerz Remarquen och nach zu dem Rond-point Glück - an net „Glück“ -, well mäi Fraktiounskolleeg, de Claude Lamberty, fréiere Schaffen an heitege Member vum Hesper Gemengerot, do vill besser verséiert ass an d'Situatioun besser kennt, wat eben, wéi gesot, eng zukünfteg Entwécklung vun der N1 ubelaangt, wäert hien dat hei no mir och nach méi am Detail analyséieren.

Wéi gesot, dat Kapitel,...

(Interruption)

...wat mer haut schreiwen... Gesitt Der emol, Här Lamberty, wann Ären Numm hei fält, da provoziert dat direkt eppes Positives.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Maacht elo virun!

(Hilarité)

► **M. Gusty Graas (DP).** - No där strenger Befelsswuertwahl wäert ech dann och méi séier virufueren, Här President.

Wéi gesot, de Punkt ass virdu schonn hei ugeschwat ginn. Mir bewegen eis hei an engem

wichtege Puzzlestéck, wat mer haut hei stëmmen, wat dee ganze Volet Tram ubelaangt. Déi Infrastrukturaarbechten, déi mer haut hei déci-déieren, sinn ouni Zweifel noutwendeg. Et ass e ganz interessante Projet.

Wann ee gesäit, raimlech gekuckt, wat mer u sech fir begrenzte Méiglechkeeten hunn, fir hei nach eng zousätzlech nei Strooss ze bauen, ass dat scho ganz interessant. Ugefaangen, wéi gesot, bei der Jean-Pierre-Büchler-Bréck, déi jo och zu engem gudden Deel elo nei aménagéiert gëtt. Ech mengen, och hei soll een déi zoustänneg Ingenieure félicitéiere fir hiert innovatiivt Gedankgutt do.

Positiv ass un dësem Projet awer virun allem, datt bei der Mobilité douce e groussen Akzent gesat gëtt. Et muss einfach an Zukunft ganz kloer de Reflex sinn, wa mer eng nei Strooss bauen... Och wa mer nëmmen e Stroossestéck réaménagéieren, muss automatesch de Reflex do sinn, fir eben och eng Vëlospist do dernieft ze aménagéieren.

Foussgänger a Vëloe mussen eben och zousätzlech nei Rechter kréien, wa mer gär wëllen e Gesamtkonzept entwerfen, fir eben den Autosverkéier a sengen Entwécklungen awer anzeschränken, ouni datt een duerfir soll eng Anti-Autos-Politik bedreiwen, mä mir sinn eis bewusst, datt mer awer do musse ganz kloer ëmdenken.

De Projet bréngt natierlech och eng ganz Rei Avantagé fir d'Awunner vun der Diddenuewener Strooss mat sech, well déi u sech jo elo reklasséiert gëtt, datt se do och herno ka méi als Wunnstrooss aménagéiert ginn.

Mir sinn eis natierlech och bewusst, datt déi Aarbechten hei wäerten eng ganz Rei vu Perturbatiounen um Niveau vum Verkéier mat sech bréngen. Een, deen de Moment regelméisseg iwwert d'Gare fiert oder an deene leschte Wochen iwwert d'Gare gefuert ass, wou jo och ganz emseg geschaff gëtt, deen huet jo gemierkt, datt dat natierlech seng Répercussioune op de Verkéier huet. Mä wou geschaff gëtt, entstinn natierlech och eng Rei Nodeeler. An dowéinsder och den Opruff un all déi, déi mengen, Aarbechten, déi moies ugefaange ginn, misste schonn owes ofgeschloss sinn an datt se ouni Perturbatiounen missten iwwert d'Bün goen: Se solle sech emol bewusst sinn, datt hei awer wierklech Projete fir d'Zukunft realiséiert ginn!

vläicht dann, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach e puer Wieder och zum Rond-point Glück. Ech muss mech och dru winnen. Ech hunn och ëmmer „Glück“ gesot, Här Engel, mä ech wäert mech dann och elo drun halen an „Glück“ soen. Mat Sécherheet ass dat net vu Muttwëll, datt dee Rond-point do réaménagéiert gëtt, nei gestalt gëtt, wann ee kuckt, wat an der direkter Proximitéit do entsteet, dee ganze Ban de Gasperich. An déi vill Kranen, déi de Moment dostinn, déi si jo dat beschte Symptom, dat beschte Beispill, wéi aktiv do gebaut gëtt a wéi och eng ganz gezielte wirtschaftlech Aktivitéit an deem Raum do och entsteet.

Datt elo de Kreesverkéier an eng Kräizung mat roude Luuchten aménagéiert gëtt, doriwwer kann een natierlech gedeelter Meenung sinn. Doriwwer kann ee sech och munch Fro stellen. Mir gleewen de Spezialisten, datt dat dann awer sollt keng Nodeeler, mä éischter Virdeeler mat sech bréngen.

Eppes wäert kloer sinn: Och den Trafic op der A3 wäert mat Sécherheet net ofhuelen, och wa mer, wéi jo décidéiert ginn ass, eng drëtt Spur wäerte bauen tëschent dem Beetebuurger an dem Gaasperecher Kräiz. Och do solle mer eis kengen Illusiounen higninn. Dat wäert natierlech kuerz- bis mëttelfristeg zu enger Verbesserung, zu enger gewëssener Erhuelung vun der Problematik bäidroen, mä ech woen awer elo schonn hei ze behaapten, wa mer an zéng, 20, 30 Joer eng Keier iwwert dee Problem schwätzen, datt mer dann erëm an darselwechter Situatioun sinn.

Et interesséiert een natierlech och, datt och um Niveau vun der Ekologie hei versicht gëtt, eppes ze maachen. Ech kommen op d'Drosbaach do ze schwätzen. Duerfir hoffe mer, datt endlech och do eng qualitativ Verbesserung entsteet, well déi Baach, déi ass jo de Moment net onbedéngt an deem beschten Zoustand.

Wéi gesot, hei ass een Element vun engem gesamte Konzept. Natierlech musse mer doriwwer eraus denken. Mir musse kucken: Wéi kënnen mer dee grouse Flux vun Autosverkéier, deen aus deenen dräi Richtungen haapt-sächlech op d'Stad Lëtzebuerg all Dag drainéiert gëtt, nach besser an de Grëff kréien?

Dozou gëtt et natierlech eng Rei Elementer, déi ee ka virgesinn. Enner anerem, et ass näischt Neies, mä et muss eng Politik sinn, déi virugedriwwen gëtt: Den Aménagement vu Park & Ride-Parking. Ech denken zum Beispill un d'Plaz hanner Fréiseng, wou jo nach

Potenzial ass, wou nach soll ausgebaut ginn. Ech denken och un Iddie wéi de Covoiturage, ech denken och un de System Carsharing, bis hi souguer, ob een net eng Keier soll op d'Iddi kommen, vläicht eng speziell Linn souguer op enger Strooss respektiv Autobunn ze reservéiere fir déi Leit, déi sech d'Méi ginn, zu méi an engem Auto ze fueren an net onbedéngt eleng dorëmmer kutschéieren.

Natierlech, op där anerer Säit hu mer ganz grouss Problemer op eiem Autobunnrséseau. Ech wëll dat elo net hei verdéiwen, mä den öffentlichen Transport muss ganz kloer eng Prioritéit bleiwen. An dowéinst ass et och interessant feststellen, datt d'Regierung op deem Wee wëllt weidergoen an och grouss Investissementer virgesinn huet, well et därerf een net vergiessen, datt mer an enger relativ noer Zukunft wäerte missen dermat rechnen, datt iwwer 200.000 Leit all Dag an d'Land erakommen. An da wäert dat zu neie Problemer féieren.

Jiddefalls, déi éischt Phas hei vun där neier Strooss N1 ass e gudder Projet, ass e Projet, deen eis Ennerstëtzung féint. Ech kann och elo schonn zu dësem Zäitpunkt, ouni datt ech mengem Kolleeg Claude Lamberty virgräifen, awer den Accord vun der Demokratescher Partei bréngen. An da soen ech och elo schonn am Numm vu menger Fraktioun an dem Här Lamberty der Madamm Lorsché Merci fir hire Rapport.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. An den nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eiser Säit aus der Kolleegin Josée Lorsché Merci fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport, dee se gemaach huet iwwert dëse Projet, wat am Fong eng éischt Phas ass vun enger Rei vu Projeten, déi nach wäerten hannendrukommen, an deen am Fong geet vun der Stater Gare bis op deen neie Pôle d'échange zu Bouneweg, dat Ganzt zu engem Käschtepunkt vun 106 Milliounen Euro.

Ech mengen, Här President, mir sinn eis eens heibannen, datt mat deem stramme Wuess-tum, dee mer hei am Land hunn, mat där Verkéierssituatioun, wéi mer se haut hei am Land kennen, wou d'Staue vun Dag zu Dag méi grouss ginn, wat och e groussen ekonomeschen an ekologesche Verloscht ass, fir déi Zäit, wou d'Autoen an de Staue stinn, datt mer musse Stroosse bauen, nei Stroosse bauen, nei Verbindunge maachen.

A wann ee weess, wat haut alles am Bau ass an deem Eck - ech denken un d'Cloche d'Or, de Ban de Gasperich -, da weess een, wat nach alles un zousätzlech Verkéier do an dem Süde vun der Stad Lëtzebuerg wäert bäikommen. An datt do nei Infrastrukture vun de Stroosse musse kommen, ass eng Selbstverständlech-keet.

An ech kann och duerfir, Här President, nëmmen deem grénge Minister félicitéiere fir deen Asaz an déi Energie, déi en opbréngt, fir hei am Land Turbo-Rond-pointen ze bauen, Contournementen ze bauen, d'Autobunn op dräi Spuren auszubauen, nei Stroossen ze bauen. An ech mengen, mer kënnen eis heibannen alleguer félicitéieren, mat wat fir enger Rou déi Projeten hei an der Chamber diskutéiert ginn. Praktesch keng Oppositioun géint de Bau vun enger Strooss.

Ech ka mech erënnere, ech mengen, dat war awer virun der Zäit vun dëser Regierung, du war all Stroossebauprojet heibannen déi Schluecht, wou déi gréng hei opgetratt sinn a géint all...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech ka mech dat och erënnere.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Kënnst Der lech och erënnere?

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech ka mech dat och erënnere, jo.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Wou déi gréng sech heibannen opgereggt hunn a vun „Mordstroossen“ geschwat hunn an alles...

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Dir liest eis Riede guer net.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Wat sot Der?

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Bréngt eis Ried mat an da gesitt Der, datt mer déi dote Strooss vun Ufank un ënnerstëtzt hunn!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Also, Madamm Lorsché, elo hätt Der awer wierklech besser gehat, de Mond ze halen!

(Hilarité)

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Neen, ech hätt besser gehat...

(Brouhaha)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Also, Dir sidd awer nu wierklech déi Éischt hei am Land, déi festgestallt huet, datt déi gréng an der Vergaangenheet all Stroosseprojete matgestëmmt hätten.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Déi dote Strooss!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Gitt emol hin a liest emol!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Här President...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech schwätze vun deenen Debatten, wéi déi gréng an der Oppositioun waren,...

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Här President...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ...du war dat Haus hei ze kleng mat deem Kaméidi, deen déi gréng opgefouert hunn.

(Interruptions)

Bei all Stroosseprojet, dee gebaut ginn ass, war dat Haus hei ze kleng! An haut ass dat kee Problem méi. A wann och musse Beem ewechgerappt ginn, dann ass dat och kee Problem, well da freet dee grénge Bauteminister bei där grénge Émweltministesch eng Autorisatioun an da kritt en déi, an da ginn déi Beem einfach ëmgemaach.

Et ass einfach keng Diskussioun méi! All déi Terrainen, déi zoubetonéiert ginn: Do ass keng Diskussioun méi! Also, mer sollen eis driwwer freeën. Wann eppes positiv un dëser Regierung ass, dann ass dat, datt mer endlech déi gréng Ministeren an den Innenministären hunn, wou haut alles hei ouni Diskussioun duerch d'Chamber geet, wou mer fréier... Sidd dach emol verstänneg, wat hu mer dach do Zäit verluer hei mat Diskussiounen, well déi gréng ëmmer do dergéint waren!

An duerfir wëll ech ausdrécklech, Här President, dem grénge Minister gratuléiere fir déi Energie, déi en Dag an Nuecht opbréngt, fir datt mer hei am Land endlech déi Stroossen an Autobunnen a Contournementen a Rond-pointe gebaut kréien, op déi d'Land esou laang waart.

An et ass och deen Deel...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Gibéryen, just eng Sekonn Loft.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Jo, ben, mat der Loft hunn ech kee Problem.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - D'Madamm Lorsché...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Wann dat net op meng Zäit geet.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Neen, selbstverständlech.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ah, ah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dir wësst dach, wéi ech mat lech sinn.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Jo, jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Madamm Lorsché!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Also, ech hoffen, datt et dem Här Gibéryen elo besser geet, well e sech défouléiert huet, mä...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Et ass mir ganz gutt gaangen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Also!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - ...ech wëll just drop hiweisen, datt déi gréng déi dote Strooss nach ëmmer ënnerstëtzt hunn. An ech wär frou, wann Dir mer déi Riede géift matbréngen, wou mir déi do Strooss a Fro gestallt hätten, déi nei N3. Ech waarden drop, datt Der de Bewäis bréngt fir dat, wat Der elo hei behaupt hutt; besser gesot, ënnerstallt hutt. Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Madamm Lorsché, ech hu jo gesot, datt déi gréng déi Strooss hei bauen. Ech hu jo net gesot, Der géift se net bauen. Mä all déi Stroosse virun,...

(Brouhaha)

...do waart Der ëmmer dergéint. Dir waart dergéint, datt eng Autobunn sollt gebaut ginn. Haut ass den Här Bausch frou, fir kënnen ze soen, datt hien déi Autobunn zu Diddeleng bis an d'Stad op dräi Spuren ausbaut. Also, ech mengen, loosse mer awer éierlech sinn! An et



ass jo awer kee Mënsch am Land, deem dat doten net weess. Ech mengen, dat ass awer ganz kloer.

Also, mat deem Deel vum Projet, Här President, si mir selbstverständlech d'accord, well et wichteg ass, datt déi Stroossen do alleguer gebaut ginn. Mir sinn natierlech net mat deem Deel d'accord, wat den Tram ubelaangt. Mir si leider déi eenzeg Partei heibannen, déi géint den Tram ass.

► **Une voix.**- Zum Gléck!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech weess net zum Gléck.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wann ech gelift! Just den Här Gibéryen huet elo d'Wuert!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här President. Mir si leider déi eenzeg Partei, déi vun Ufank u géint de Projet war. Ech ka mech erënnere, datt d'DP och géint den Tram war. D'Madamm Polfer, si ka sech doudsécherech och drun erënnere, wéi se an der Neier Avenue déi Busser hannereneegestallt huet, fir de Leit ze weisen, wéi schrecklech esou en Tram...

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Dat war awer net weinst dem Tram!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...an der Stad wier.

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Här Gibéryen, do hu mer nach net vum Tram geschwat. Dat war de BTB.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo.

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Dat war den Zuch duerch d'Nei Avenue!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo, jo. En ass leider och op Schinne gefuer.

(*Hilarité*)

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Ah, dat ass richtig! Ah, dat ass richtig.

(*Hilarité*)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- An duerfir war et esou schrecklech an duerfir hutt Der dat misse virdemonstréiere mat Bussen. Mä, wéi gesot,...

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Et ass richtig. Jo, jo, jo!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...all Mënsch huet d'Recht, seng Meinung ze änneren, och wann et an deem Fall eng schlecht Ännerung war.

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Dat ass och richtig.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Mir sinn op jidde Fall géint den Tram. Ech brauch elo net déi ganz Diskussioun hei nach eng Kéier opzerwerfe vun Tram oder net Tram. Mir wäerten op jidde Fall kengem Projet zoustëmmen, deem den Tram beinhalt oder matfinanziert. An duerfir wäerte mer eis och bei deem Projet enthalen.

Ech wëll mech just, Här President, hei vis-à-vis vun der Chamber entschëllegen. Ech mengen, dat muss een och als Politiker fäerdegbréngen, wann een eng Kéier eppes Falsches gesot huet, datt een dann och heihinner ka kommen a sech entschëllegen.

Ech hunn näamlech ëmmer hei am Kader vun den Diskussiounen vum Tram gesot, deem Tram géif eng Milliard kaschten. Ech wëll haut formell soen, datt dat net stëmmt, well mir kommen ëmmer méi zur Iwwerzeegung, datt et wäit iwwer eng Milliard wäert goen, wat den Tram wäert kaschten.

(*Hilarité*)

Wa mer all déi Projeten huelen, déi direkt den Tram sinn, an all déi aner Projeten, wou mer net direkt esou dervu schwätzen - vun der Rouder Bréck, vun der Neier Bréck, vun deem Projet an an, a wat d'Stad Lëtzebuerg iwwerall muss vu Projekte maache fir den Tram, a mer sinn nach laang net fäerdeg -, da wäerte mer och do leider recht behalen, datt dee Projet net eng Milliard, mä méi wéi eng Milliard wäert kaschten. A mir, wéi gesot, wäerten eis bei deem Projet enthalen.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Sou! Dee virleefeg leschte Riedner, deem ech agedroen hunn, ass den Här Claude Lamberty.

► **M. Claude Lamberty** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no där ganz emotionaler Ried vum Här Gibéryen probéieren ech dann elo d'Strooss och vläicht erëm e bësse méi op d'Schinn ze bréngen.

D'Entréesdier aus dem Süden an d'Stad ass haut oft eng Dier, wou et quitscht an och emol kraacht, wou et wuertwärtlech ze vill Leit gëtt, déi mateneen duerch eng ze vill kleng Dier wëllen erakommen. Déi nei N3 wäert no an no eng nei a verännert Entrée an d'Hauptstad duerstellen. Dat, fir moies an d'Stad eran, an dat natierlech dann och owes aus der Stad eraus.

Haut debattéiere mer iwwert déi éischt Phas vun deem groussen a bedeitende Projet: déi éischt Phas vun dräi, déi direkt d'Stad Lëtzebuerg, d'Gemeng Hesper an all déi Leit betrëfft, déi all Dag duerch déi zwou Gemenge fuere, fir sech hire Wee an d'Stad ze siche. Kuckt ee sech haut d'Situatioun un, da stellt ee fest, dass esou eng Reform vum Verkéiersfloss dréngend néideg ass a gréisser Verännerungen a Verbesserungen am Gesamtkonzept absolutt déi richtig Äntwert sinn op déi dach extrem problematesch Situatioun, déi sech dagdeeglech stellt.

E kleng Rappel, wéi sech déi Situatioun effektiv haut duerstellt: kilometerlaange Stop-and-go an der Route de Thionville, scho wäit virun Hesper a Richtung Stad moies, an owes dat nämlech an déi aner Richtung; eng extrem Be- laaschtung vun der Wunn- a Liewensqualitéit fir d'Leit am Raum Weiler, Conter, Fenteng, Izeg, Alzeng, Hesper, Houwald, Bouneweg bis op d'Gare an d'Stad eran. Ass och just déi klengste Stéierung op der Autobunn, gëtt aus deem Stop-and-go an der Route de Thionville, dem Hesperbierg, an der Rue des Scillas, dem Rang- wee inklusiv allen Niewestroossen en hand- feste Stau mat Répercussionen op ganz villen ënnerschiddleche Beräicher.

Dat ass haut d'Realitéit. An dat ass en Zou- stand, deem eben net konnt unhalen. Duerfir gouf reagéiert an et gouf e Gesamtkonzept opgesat. An ech kann d'Regierung nëmme féliciteiere fir dee Projet, dee vun der Gemeng Hesper, der Stad Lëtzebuerg an doriwwer eraus fir déi weider Phasen, déi wäerte kommen, och mat allen anere Gemenge muss diskutéiert ginn an och diskutéiert gëtt an zesummen aus- geschafft gëtt.

D'Gemenge sinn do wichteg Partner. Et si schliisslech d'Awunner aus deene Gemengen, déi momentan am meeschten drop waarden, dass sech hir Situatioun, hir Liewensqualitéit an hirem Wunnquartier dätlech verbessert.

Wuel wëssend, dass mer hei iwwer e Projet schwätzen, deem net just Fléckwier ass, mä eng grondleeënd Verännerung duerstellt, eng komplett Renovatioun vum Verkéiersdräieck Hesper-Houwald-Stad Lëtzebuerg duerstellt, a wuel wëssend, dass et e Projet ass, deem am Gesamten net haut a muer emgesat ass, ass et awer e ganz wichteg Bausteen fir d'Zukunfts- dier zur Stad Lëtzebuerg am südlechen Deel.

A wann een duerch eng Dier geet, wëllt een esou schnell an esou gutt wéi méiglech der- duerchkommen, fir sech op dat ze freeën, wat eben hannert där Dier ass. Fir dass méiglechst vill Persounen relativ bequem duerch des nei En- tréesdier kënne kommen, ass eng breet Vue néideg.

Ech projezéieren de Projet elo eng Kéier kuerz zu Enn a stelle mer elo scho vir, wéi et ausgesäit, wann en dann integral emgesat ass. D'Awunner aus der Gemeng Weiler, Hesper res- pektiv aus de Quartiere Bouneweg a Gare hunn eng extrem verbessert Liewensqualitéit, well déi heiteg Hauptverkéiersachs, déi total iwwer- laascht ass, wou Stau un der Dagesuerdnung ass, also d'Route de Thionville, da just nach eng lokal, kleng, benotzte Strooss a keng Na- tionalschlagoder fir de Verkéier méi duerstellt.

Déi Leit, déi näamlech wëllen a Richtung Stad fuere, fir soit schaffen ze goen, akafen ze goen oder einfach just eis Stad ze genéissen, déi béie scho virun Hesper op déi nei Umgehungs- strooss Alzeng of, fir dann am neie Quartier Midfield, Ban de Gasperich oder um Houwald erauszokommen, fir do da mat hirem Auto wei- der an d'Stad ze fuere oder natierlech mat deenen neien öffentlichen Transportmëttelen, oder souguer mam Vëlo, an d'Stad eranzefue- ren.

Duerch déi Plaz, déi fräi gëtt op der aktueller Route de Thionville, kann do den Akzent natier- lech verstärkt op d'Mobilitéit douce geluecht ginn. Déi aktuell Hauptverkéiersachs N3, d'Route de Thionville also, wäert dee Moment zrëckgestuift ginn, ebe well et des nei N3 gëtt.

Wat elo vläicht um Pabeier fir vill no enger klenger, banaler Stroossebezeichnung klängt, bedeit fir ganz vill Awunner an dem Raum Hes- per/Stad einfach eng total Steigerung vun der Liewensqualitéit an hirem Raum. An et ass eppes, op wat d'Leit am Raum Weiler, Hesper, Houwald, Bouneweg sehnüchteg waarden.

Dës Visioun ass Realitéit, um Pabeier och schonn zimelech konkret, jo, just leider zäitlech nach net fir haut a fir muer. Ech denken, et ass awer kaum een heibannen, deem net wëllt, et

kéint méi séier goen; besonnesch natierlech ëmmer erëm déi Leit, déi all Dag an där Géigend ënnerwee sinn. Mä all Projet, deem esou déif gräifend Verbesserung mat sech bréngt, muss natierlech op engem zolitte Fun- dament stoen a brauch nun emol seng Zäit. Hei schwätze mir jo ëmmerhin dervun, dass mer Zéngtausenden Autoen all Dag eng nei Orientatioun ginn, de Leit eng nei Offer bidde mam öffentlichen Transport - ech mengen, de Kolleeg Gusty Graas huet dat jo a senger Ana- lys exzellent duergeluecht -, fir dann effektiv herno kënne an déi Stad eranzekommen.

Kommt, mir sinn eis och eens: Eis Hauptstadt mat all hirem Charme a mat hire Virdeeler am Häerz vun Europa wäert och an Zukunft eng Stad mat héijer, attraktiver Unzéiungskraaft bleiwen! An duerfir müssen d'Mobilitéit an den Zougang zu där Stad fir de Public besch- méiglech organiséiert sinn. A mat deem Projet ass dat de Fall.

D'Ubannung vum Tram fir d'Quartiere Boune- weg an Houwald, an duerno bis an de Ban de Gasperich eran, suert eleng schonn optesch fir eng Verännerung vun deem bis dato Exis- téierenden. D'Prioritéit gëtt eng nei. An d'Leit kréien eng Méiglechkeet gebueden, fir schnell a bequem vun A op B ze komme mat engem aneren, mat engem neie Verkéiersmëttel. Be- sonnesch um Houwald - an huet mer et net iwwel, dee kennen ech nun emol am längsten - sti gréisser Changementer virun der Dier. Net just mam Tram wäert déi ganz Rue des Scillas eng ganz nei Nues kréien. Den Embau an deenen nächste Jore wäert sech sécherlech po- sitiv op dat ganz Erscheinungsbild auswirken.

Ganz positiv fannen ech och an deem Kontext, dass déi extrem geféierlech Spur virum Tunnel Rangwee, Rue des Scillas als Lénksabbieger ver- schwénnt. Absolutt positiv ass sécher och d'Re- naturéierung vun der Drosbaach um Houwald. Als ehemolegen Enseignant an deem Lycée fannen ech et natierlech och extrem positiv, dass de Lycée zu Bouneweg duerch den Tram vill méi einfach erreecht ka ginn. Dausende Schüler soen do op alle Fall e grouse Merci.

Wat mir perséinlech gutt un deem Projet ge- fällt, ass, dass et e Projet ass, deem eng Proble- matik am Groussen a Ganze kuckt an eng glo- bal Léisung presentéiert. Och wann et haut just ëm d'Phas 1 geet, esou ass et e wichtege Start- schoss fir eng verkéierspolitesch Evolutioun un der Süddier zur Stad. Eng Evolutioun, déi fir vill Awunner positiv Effeten huet. E Konzept, wat sécherlech gutt ass a wat vläicht nach fir déi weider Phasen déi eng oder aner Ajustement an Diskussiounen brauch, notament wat vläicht déi eng oder aner Plaz ugeet, wou ee ka säin Auto ofstellen, fir dann och den Tram esou attraktiv wéi méiglech ze maachen.

Virun ass et vum Marc Lies gesot ginn, an ech kann dat nëmme ënnersträichen: Den DICI-Raum, mengen ech, spillt hei eng ganz primordia Roll, dass do zesummegeeschafft gëtt an dass och herno eng méiglechst breet Mass vu Leit kann do koordinéiert dervu profitéieren.

Ech sinn iwwerzeegt, dass mat dëser éischter Phas de Grondsteen geluecht gëtt a scho viles erreecht gëtt vun deem, wat eis Regierung sech virgeholl huet. Et bleift derbäi, dass d'Awunner gutt informéiert ginn, fir wéini si sech op wéi eng Verbesserungen a Veränne- rungen kënne astellen. Net nëmme zu Hes- per, mä och zu Weiler an an der Stad waarde se - wéi ech virdu gesot hunn - sehnüchteg op déi Verbesserungen.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'No- lauschteren an ech ginn nach eng Kéier den Accord vun eiser Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci och dem Här Lamberty. Domat si mer un Enn vun der Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här Pre- sident, Merci der Madamm Rapporteuse fir hire Rapport an alle Riedner fir hir Bäitrag.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wann ech gelift, Kollegen! D'Reunioun ass nach net eriwuer!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- E beson- nesche Merci wollt ech natierlech dem Här Gi- béryen hei gi fir dee grouse Luef, deem en hei fir mech bruecht huet, fir...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Gär geschitt!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Deen en hei gutt ënnerstrach huet, mat vill Energie, datt ech schaffen u menge Projeten, an deem am Fong, an dat ass dat, wat mech besonnesch er- freeet, mer dat leschte Beispill liwwert, datt et...

Ech hunn ëmmer gesot, wéi mer an d'Regie- rung komm sinn als Gréng: Wann et ee Grond gëtt, fir datt et wichteg ass, datt mer iwwer- haapt an d'Regierung och eng Kéier kommen, dat ass, datt mer mat enger ganzer Rei Viruer- teeler kënne opraume par rapport zu deene Gréngen.

An den Här Gibéryen huet haut dee leschte Bewäis bruecht, datt dat voll gelongen ass, näamlech datt déi gréng Projeten duerchweegs ënnerstëtzen, wa si se als sënnvoll ugesinn, wa se a Kombinatioun mat verschiddenen anere Saachen ze gesi sinn, wéi zum Beispill deen heiten. Esou hu mer dat an der Vergaangen- heet gemaach an esou hu mer et och haut ge- maach.

Duerfir, wéi gesot, nach eng Kéier e Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Bei der Nord- strooss.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Nach eng Kéier e Merci, Här Gibéryen, fir déi breet Zou- stëmmung an déi Bewonnerung och, déi Der mir entgéintbruecht hutt.

(*Interruption*)

Dat huet mech wierklech erfreet.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dat war ech lech méi wéi schëlleg!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Dat ge- sot, Här President, wëll ech e puer Remarquë maachen.

Déi éischt Remarque ass: Et gëtt hei gesot vu verschiddene Riedner, et wär am Fong ee Pro- jet an dee wär an dräi gedeelt. Dat ass net ganz richtig. Et gëtt dräi verschidde Projeten, déi zwar natierlech zesummenhängen, dat ass ganz kloer. Dat eent ass déi nei N3, déi elo gebaut gëtt bis op de Lycée technique Bouneweg; dann d'Rue des Scillas, d'Emgestaltung vun der Rue des Scillas: éischters emol, datt et eng Statsstrooss gëtt, dat gëtt jo schonn hei am Projet matgeregelt. Mä dann duerno kënn en zweete Projet, deem d'Verbreederung vun der Rue des Scillas virgesäit. An da kënn en drëtte Projet, dat ass de Contournement vun Hesper.

Also, et sinn dräi Projeten, déi natierlech ze- summespillen herno am Fonctionnement, esou wéi et vun eenzelne Leit beschriwwen ginn ass, mä et sinn awer dräi separat Projeten, déi sepa- rat realiséiert kënne ginn an och sollen an och musse ginn.

Datt et iwwerhaapt esou schnell zu deene Pro- jete komm ass... Well ech muss lech soen: Dat heite si Projeten - an, ech mengen, d'Komplexi- téit ass genuch hei beschriwwen ginn, duerfir wëll ech net méi am Detail drop agoen -, déi sinn net esou einfach, well et muss vill koordi- néiert gi mat anere Saachen, déi duerno kom- men.

Datt et iwwerhaapt esou schnell dozou komm ass, dat war, datt emol iwwerhaapt ech respek- tiv d'Regierung den Optrag kritt huet vun der Chamber, natierlech op Basis vum Koalitiouns- programm, deem déi dräi Parteien ausgeschafft hunn, wou och ganz kloer drastoung zum Bei- spill, datt d'Extensioun vum Tram solle beschleunegt ginn, näamlech direkt gebaut ginn, vun der Gare op d'Cloche d'Or zum Bei- spill, wat jo een Deel hei ass herno, datt dat soll gemaach ginn.

Dës Majoritéit huet dat am Koalitiounssof- kommes décidéiert. An et gouf eng Motioun, déi mat de Stëmme vun der Majoritéit ugeholl ginn ass. Am Juni 2014 sinn ech beoptragt ginn, dat ze maachen an duerfir dee Prozess ze beschleunegen. Well soss, soen ech lech, wäere mer haut net um Punkt, datt mer déi nei N3 haut esou géifen décidéieren, wéi mer dat dé- cidéiert hunn.

Well ech wëll drop hiweisen, datt déi Projeten hei virdu ganz wäit no hanne geschobe gi wa- ren. Déi sollten eréischt no 2020 kommen.

Or, et ass awer esou, datt ech ëmmer iwwer- zeegt war, an dës Majoritéit an och d'Regie- rung iwwerzeegt waren, datt duerch dat, wat am Südweste vun der Stad geschitt - an de Südwesten, datt ass net nëmme den Houwald, de Ban de Gasperich, also d'Stad Lëtzebuerg oder d'Gemeng Hesper, mä dat geet souguer doriwwer eraus, dat geet och a Richtung Leide- leng weider, wou Der wësst, wou och eng grouss Aktivitéitszon ass, och déi spillt am Ze- summespill hei eng Roll -, well dës Majoritéit vun Ufank un iwwerzeegt war, datt dat, wat do gebaut gëtt a wat elo do am Bau ass, iwwer- haapt net wäert an net ka fonctionnéieren, wa mer net dat hei beschleunegen.

An et ass och en Deel vu Korrektur vu Landes- planung, déi mer hei maachen. Et ass en Deel vu Projeten, déi an der Vergaangenheet déci- déiert gi sinn, wou d'Päerd vun hinnen op- gezeimt ginn ass, dat heescht fir d'Éischt d'In- frastrukture gebaut gi sinn, mat den Dausen-



den Aarbechtsplazen, an duerno eréischt déi Infrastrukturen, déi eis d'Mobilitéit garantéieren, fir dohinner ze kommen.

Ech wëll dat awer hei nach eng Kéier ënnersträichen, bei aller Freed, déi mer hunn, an déi ech hunn, datt natierlech de Projet à l'unanimité gestëmmt gëtt. Et ass awer wichteg, dat awer nach eng Kéier hei emol ze soen.

Mir sinn hei, wéi gesot, beim éischten Deel, dat ass déi nei N3. Dat ass, éischstens emol, de Pont Büchler nei ze bauen. An dann déi nei Strooss ze bauen, hanne laanscht d'Eisebunn bis op d'Héicht vum Lycée technique vu Bouneweg, wou dann dee berüumten neie Pôle d'échange soll gebaut ginn.

An ech muss och dem Här Gibéryen soen, datt ech erstaunt sinn, datt hien den Text hei net matstëmmt oder datt si sech enthalten, well hei an deem Projet ass kee Centime fir den Tram dran, Här Gibéryen. Dir kënnt dat rouege Gewëssens matstëmmen. Dir wäert gesinn...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- D'Bréck zu Bouneweg.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo, d'Bréck zu Bouneweg.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Gëtt déi net och gebaut fir den Tram?

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Neen. D'Bréck zu Bouneweg, déi muss nei gemaach ginn, och an där neier Configuratioun, Här Gibéryen.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Jo, da kënnt Der och soen, da musst Der och an der Zukunft bei allen anere Projete réckwierkend erëm dergéint stëmmen, well um Boulevard Kennedy, déi Spur, déi Der riets hutt, wou den Tram elo haut gebaut gëtt, déi sinn och deemools mat gebaut ginn.

Mä hei, soen ech lech, an deem Projet hei ass kee Centime dra fir den Tram. Et kënnt en zweet Finanzéierungsgesetz fir den Tram. Do si mer amgaangen, d'EIE virzubereede fir dat ganz Stéck bis op d'Cloche d'Or. Dat leeft am Hierscht a bis d'nächst Joer am Fréijoer wäert ech e Gesetz déposéieren: Dat ass dat zweet Finanzéierungsgesetz fir den Tram an do kommen eréischt d'Engagementer fir den Tram.

Elo an deenen Aarbechten, déi hei och gemaach ginn, gëtt keng Schrauf gedréit fir den Tram. Et ass alles just nëmme rengen Stroossebau, wat hei gemaach gëtt, a Bréckebau.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Jo, Här Gibéryen, datt e gewëssene Raum an där Strooss do ass, jo, mä dee kënnt och, wa mer den Tram net gebaut hätten. Soll ech lech soen, wat mer da gemaach hätten do? Dann hätte mer Busspuren dohinner gemaach! Well da wäre jo Busse gefuer. Ech sinn awer der Meinung, datt d'Capacitéit vun de Bussen net duergeet. Duerfir bauen ech, oder d'Regierung, gär en Tram.

Mä d'Spur, déi mer do bauen, wier genausou breet ginn ouni Tram wéi mat Tram, well mir hätten da missen direkt Busverbindungen schafe vun deenen Zentren erof an d'Stad iwwert déi nei Achsen, déi do gebaut gi sinn, op separate Busspuren, soss hätt dat net fonctionnéiert!

Donc, Dir kënnt mer gleewen, rouege Gewëssens kënnt Der dee Gesetzesprojet hei matstëmmen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen, neen, neen!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- An da kënnt Der nach ëmmer duerno Äre gebetsmilenaartege Widerstand leeschte géint den Tram. Dir kritt nach d'Geleeënheet, wann den zweeten an den drëtte Projet kommen.

Dir kënnt och bei der Aweigung, wa mer 2017 dat éischt Stéck aweien, mat Banderolen nach dohinner stoe kommen, datt Der dergéint sidd. Kee Problem. Mä, ëm Gottes Wëllen, stëmmt dat hei mat, well Dir stëmmt géint lech selwer a géint Är eegen Iddien, wann Der dat hei net matstëmmt!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Also, Här Bausch...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Kann ech dem Här Bausch eng Fro stellen?

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Selbstverständlech!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann den Här Bausch d'accord ass. Ech géif lech awer bieten, den Här Bausch adresséiert sech elo an Zukunft erëm un d'Chamber an den Här Gibéryen mécht dat esou...

(Brouhaha)

...an den Här Gibéryen mécht dat esou, wéi mer dat gewinnt sinn. Wann en eppes ze soen huet, freet e sech d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech wollt den Här Bausch froen...

(Interruption)

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech kucken lech all Dag, duerfir kucken ech heiansdo gären op déi dote Säit.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech wollt den Här Bausch froen, ob en de Rapport vun der Kommissioun gelies huet, wou kloer drasteet, datt dat wier, fir d'Assise fir den Tram ze maachen an net fir eppes aneschtens.

An da wollt ech den Här Bausch froen, wéi en dat gemengt huet, datt ech, wann den Tram ageweit géif ginn, dann do derbäi wier? Ech kann lech soen, Här Bausch...

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Neen, neen, fir do ze protestéieren, hat ech gemengt.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Fir ze protestéiere kann ech derbäi sinn!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Maja, dat hat ech gemengt.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- An dat ass eppes, wat eis zwee vuneneen ënnerscheet!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo.

(Brouhaha)

A Gott sei Dank!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Bei der Nordstrooss hutt Dir och dergéint demonstréiert an Dir hutt se herno ageweit.

(Brouhaha)

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dat ass richtigeg.

(Brouhaha)

Dat ass richtigeg, well wéi ech Minister gi sinn, war et fir mech kloer, datt ech net kéint mam Bagger déi ganz Nordstrooss erëm erausrappe goen, well se war gebaut.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech hätt se och net als Minister ageweit!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Här Gibéryen, Dir hutt an Ärem Liewe scho vill aner Dommheete gemaach wéi dat doten.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ooh!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dir wäert der och nach an Zukunft maachen.

(Hilarité)

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift, Här Minister!

(Brouhaha)

Kommt, mir halen op mat deem Dialog tëschent...

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Här Präsident, ech si gär bereet...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Fuert Dir elo, wann ech gelift, virun!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech sinn d'accord, Här Präsident. Just, ech hunn awer missen dem Här Gibéryen, dee mech awer ugeschwat huet virdrun...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dat hutt Der jo elo gemaach.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech hu gär Diskussiounen.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo.

(Interruption)

Här President, da wollt ech och nach soen, datt, wa gesot gëtt: Déi Autobunn, dat gëtt eng Stéchstrooss, fir méi schnell an d'Stad eranzekomme respektiv mir hätten dat gär. Ech soen lech just: Ëm Gottes Wëllen, wa mer gären déi Verkéiersproblemer an de Grëff kréien, dann huet dat kee Sënn, well Dir fuert, och wann Der breet Stroossen hutt, iergendwann eng Kéier, wann Der da bei d'Stad kommt, an en Trichter. An den Trichter bleift do, dee kritt Der net ewech! Donc gëtt déi Strooss hei net dowéinst gebaut.

Déi gëtt gebaut, fir datt dee ganze Beräich do ka fonctionnéieren, datt den ëffentlechen Transport ka mat deem aneren am Zesummespill fonctionnéieren, wéi ech gesot hunn, mat de Pôles d'échange. An duerfir ass dat och ganz am Geescht vun dem MoDu effektiv vun 2012, wou d'Haaptzil ass, landeswäit 75/25 en „modal split“ ze kréien. An duerfir musse mer an deene Ballungsgebiddern mindestens, soen ech lech, 40% ëffentlechen Transport kréien, niewent der Mobilitéit douce, fir datt dat och an Zukunft ka fonctionnéieren.

Da waren nach zwou, dräi Froen gestallt ginn. Déi éischt, dat war déi vum Här Lies, wéini datt de Contournement vun Hesper kéim, wou mer do dru wären. Ma ech kann lech soen, mir sinn amgaangen, d'EIE-Prozedur fäerdegstellen. Ech ginn dovun aus, datt bis Enn des Joers dat fäerdeg ass an datt mer wahrscheinlech dann am Laf vum Fréijoer d'nächst Joer an d'ëffentlechen Prozedur ginn.

Dat heescht, an der Prozedur muss fir d'Éischt, wann elo d'Dokumenter fäerdeg sinn, mat den definitive Varianten, dat jo un déi eenzel Administratiounen goen, also eenzel Ministère goen, Ëmwelt, d'Landesplanung an esou weider, an dann, wann dat ofgeschloss ass, gi mer et direkt an d'Prozedur. Ech ginn dovun aus, datt Ufank, déi éischt Halschent 2017 déi ëffentlechen Prozedur wäert lafen.

Dann ass och nach gefrot ginn, mat dem Pôle d'échange beim Lycée technique, wéi dee gestallt gëtt, ob do och soll en Zeitungskiosk oder esou Saachen derbäikommen. Jo, all déi Pôles d'échange, déi mer haut plangen, hunn eng gewësse Qualitéit.

Do ass net nëmme virgesinn, datt d'Zesummespill gutt fonctionnéiert tëschent dem Tram oder dem Zuch oder dem Bus, wat et ebe grad ass, mä zum Beispill kënnt och eng „mBox“ derbäi an et gëtt och ëmmer gekuckt, datt, niewent dem Fait, datt d'Leit sollen natierlech ënnerdaach stoen, op de Pôles d'échange och en Zeitungsbuttek, esou kleng Saachen derbäikommen, fir datt mer déi richtig Qualitéit kréien, fir datt den Ëmsting do och gutt fonctionnéiert.

An dee wäert herno gutt fonctionnéieren. Well den Ëmsting herno och do vun de Bussen, den Här Lies hat dat och virdrun opgeworf, op den Tram wäert ganz gutt sinn. Well Dir hutt herno an de Spëtzezonnen en Takt vun dräi Minuten. Dir sidd herno also, trotz dem Ëmsteigen, méi séier op Ärer Aarbechtsplaz, wéi Der et haut sidd mat engem Bus, dee meeschtens am Verkéier iergendwou hänke bleift.

Dat gesot, Här President, nach eng Kéier, wéi gesot, Merci fir déi breet Zoustëmmung. An ech ginn dovun aus, datt mer, wann haut d'Gesetz elo gestëmmt gëtt, direkt d'Ausschreiwunge wäerte lancéieren, datt de Bau heivunner, fir d'Éischt vun dem Pont Büchler, d'nächst Joer am Januar wäert ugoen.

Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Minister. Mir sinn domat um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm a mir kënnen iwwert de Projet de loi 6998 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6998 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo...

► **Une voix**.- Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo?

► **Une voix**.- Bei mir funktionéiert et net.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, kee Problem. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss. Mir hu 56 Jo-Stëmmen an 3 Abstentiounen. A mer kucken nach eng Kéier no bei der Ofstëmmung, ob ee feelt, dee wollt drécken, a wou d'Maschinn net gaangen ass.

Merci. Domat ass de Projet ugehall.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6998 est adopté par 57 voix pour et 3 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Claude Wiseler), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mer kommen zum nächste Projet, de Projet 6978, eng europäesch Direktiv iwwert d'Steieren op d'Zënsen. An dës Kéier huet d'Wuert d'Madamm Rapportrice Joëlle Elvinger.

9. 6978 - Projet de loi portant

1) transposition de la directive (UE) 2015/2060 du Conseil du 10 novembre 2015 abrogeant la directive 2003/48/CE en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts;

2) modification de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière;

3) abrogation de la loi modifiée du 21 juin 2005 transposant en droit luxembourgeois la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP), *rapportrice*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, zu deem ech lech op dëser Plaz elo de Rapport maachen, transposéiert d'Direktiv 2015/2060/UE vum 10. November 2015 an eist nationaalt Recht. Dës Direktiv vun 2015 abrogéiert déi Direktiv 2003/48/CE, dat heescht déi sougenannten Directive «épargne», déi duerch d'Gesetz vum 21. Juni 2005 an eist nationaalt Recht schonn transposéiert gi war.

Ech wëll op dëser Plaz elo net op all klengen Detail vun deenen eenzelnen Direktiven agoen, mä fir dass dës technesch Matière, déi awer wichteg fir eis Finanzplaz ass, vläicht e bësse méi kloer gëtt, erlaben ech mer awer, e kuerzen Historique ze maachen.

D'Zil vun der Directive «épargne» vum 3. Juni 2003 war, dass, wann en EU-Bierger Zënsrevenue op engem Kont an engem anere Memberstat huet wéi do, wou hie wunnt, dat heescht wéi a sengem Pays de résidence, da sollen dës Revenuen effektiv an deem Land besteiert ginn, wou déi Persoun och wunnt. Dofir sollt all EU-Memberstat déi aner Staten informéieren iwwert d'Zënsen, déi aus sengem Land u Residenten an aneren EU-Länner iwwerwise gi sinn.

Wann also e Fransous e Kont an Däitschland huet an do Spuerzënsen guttgeschriwwen kritt, da mussen déi franséisch Autoritéiten doriwuer informéiert ginn, fir dass d'Besteuerung richtig ka berechent ginn.

Wéi Der lech awer all kënnt erënneren, Éisträich, d'Belsch a Lëtzebuerg hunn dësen Informationsaustausch awer net zur selwechter Zäit applizéiert wéi déi aner EU-Memberstaten. Mir haten do eng Iwwergangsperiod, wou mer d'Quellesteier applizéiert hunn, dat heescht déi sougenannte Retenue à la source, déi fir d'Éischt 15% war tëschent Juli 2005 a Juli 2008, duerno bis 2011 war se op 20% an duerno op 35%.

Déi Directive «épargne» vun 2003 ass duerch d'Gesetz vum 21. Juni 2005 an eist nationaalt Recht transposéiert ginn. Dëst Gesetz ass dunno och zweemol ofgeännert ginn, fir d'Éischt duerch d'Gesetz vum 21. Dezember 2007, wat am Fong geholl eng Adaptatioun vun technesch Detailer gemaach huet an och d'Adapta-